Experiment 3: Aus Mëllech gëtt Plastik

Ee vun den éischte Plastiker gouf schonns am 16. Joerhonnert aus Mëllecheewäiss hiergestallt. En ass „Kunsthorn" oder „Mëllechsteen" genannt ginn. Et si Knäpp a Kämm aus deem Konschtstoff gemaach ginn.

Haut gëtt d'Mëllecheewäiss och an der Fabrikatioun vu Wurscht, Jugurt, Faarwen a Pech benotzt, well et e gutt Bindemëttel ass.

Dat brauchs du:

250 ml Mëllech, 2 EL Esseg, 1 Kachdëppen, 1 Iessläffel, 1 Kachläffel, 1 Schaumläffel, 1 Bakblech, Zeitungspabeier

Dat muss du maachen:

1. Schëtt d'Mëllech an den Esseg an d'Dëppen a wierm alles op klengster Stuf. Réier dauernd am Dëppen, bis d'Mëllech gerënnt. D'Mëllech däerf net ze vill waarm ginn an op kee Fall däerf si kachen.
2. Wann nach een oder zwee Klompen am Dëppe schwammen, hëls du déi mam Schaumläffel eraus a lee se op Zeitungspabeier.
3. Lo kanns du mat der Mass, wéi mat Plastilinn, Saache formen (Pärelen, Magnéiter, Koukapp…)
4. Du kanns deng Formen am Bakuewen bäi 80 Grad dréchnen (net méi waarm, soss zerfalen se), oder sou um Zeitungspabeier 2-3 Deeg dréchne loossen. Duerno kanns du deng Formen nach faarweg molen.

INFO: Duerch den Esseg an d'Hëtzt verännert sech d'Eewäiss vun der Mëllech. Déi wäiss Klompen bestinn aus Kasein.



(Foto: wikihow)